

## “Schoulreform to go” - Avis CNEL

### Entwéckelung vun de Schoulen

Mir als national Schülerkonferenz/CNEL fäerten dat d'Qualitéitsënnerscheeder tëscht de Schoule mat der Reform méi grouss kéinte ginn. Duerch esou eng Schoulautonomie géif sech d'Konkurrenzdenken tëscht de Schoule weider verstärken, déi sech dann an Zukunft nach méi ëm gutt Proffen a Schüler streide mussen. Dobäi kënnt nach, datt Schoulen dee néidege Budget zu Verfügung gestallt kréie mussen fir sech diversifizéieren ze kënnen, sou datt een also net mat der Spuerpolitik an der Educatioun däerf weiderfueren.

Doriwwer eraus, misst d'Stëmm vum Schüler am "conseil d'éducation" gestärkt ginn, fir datt den "Plan de Développement Scolaire (PDS)", méi vun de Schüler matgedroe gëtt.

### Orientatioun an Unerkennung vun den Diplomen

Eng gutt Orientatioun ass vu grousser Wichtigkeet fir e Schüler, virun allem, well d'Schüler oft net wëssen wéien akademesch Wee si aschloe sollen oder wéie Wee dee passenden ass. Et ass wichteg de Schüler d'Méiglechkeet ze ginn een Abléck an d'Beruffswelt ze kréien. Dofir fuerdert d'CNEL obligatoresch Orientatiounsstage fir Schüler op 4e / 9e an datt Stagen och weiderhin ab dem Cycle Supérieur gefuerdert ginn.

D'Aféierung vun engem méi flexibele Kader vun de jeeweilege Sektione fir d'Schoulen am Enseignement Secondaire erméiglecht datt déi sech méi op d'Besoinen vun de Schüler konzentréieren kënnen an op d'Diversitéit vun de Schüler hiren Interessen agoe kënnen.

Obwuel d'CNEL dës Initiativ begréisst, huet si awer Bedenken dat duerch d'Offer vu verschiddene Schoulfächer an de jeeweilege Schoulen, den Diplom a verschiddene Schoule méi un Wäert gewënnt oder verléiert.

### Sektioun I

Mir als CNEL ënnerstëtzen Initiativ, eng Sektioun I anzefeieren, deswéidere fuerdert d'CNEL dass d'Basis vun der Informatik an all Klass am Secondaire ënnerriicht ginn, sou dass de Privileeg sech op déi aktuell Ufuerderunge vun der Aarbechtswelt firzebereeden net nëmmen dem Secondaire Technique an der Sectioun I virbehale bleift.

### Léiermaterialien

Mir als CNEL begrëssen d' Iddi fir eis mat der Technik weiderzeentwéckelen an esou och d'Aféiere vun digitale Léiermaterialie. Der CNEL ass et awer wichteg datt sech dëst op eng secher Aart a Weis entwéckelt a fuerdert dofir d'Regierung dës Entwécklung am Aen ze halen.

Ausserdeem wënscht sech d'CNEL dass Schüler méi frei solle gewuer ginn, wéi eng Bicher si, fir daat kommend d'Schouljoer, brauchen.

### Budget an Unerkennung vum Schülercomité

D'Schülerkonferenz ass der Meenung datt d'Schülercomitéë ALL sollen ee minimale Budget vun hirer Schoul zur Verfügung gestallt kréien, déi Si och selwer verwalte sollen. Nëmmen esou kann eng reell Onofhängegkeet vun der Schülerverriedung garantéiert ginn. Doriwwer eraus ass et enorm wichteg dës Budgetsfroën schnellstméiglech juristesesch ze klären fir esou fir méi Kloeerheet an Transparenz ze suergen.

Ausserdeem fuerdert d'CNEL datt d'Schülerverrieder déi néideg Zäit, a Form vu Fräistonnen, zur Verfügung gestallt solle kréien, fir hierer Aufgab am Schülercomité kënne seriö a gewëssenhaft virzebereeden a duerchzeféieren. Doriwwer eraus plädéiert d'CNEL fir d'Organisatioun vun enger Sensibiliséierungscampagne fir datt d'Engagement an déi Zäit, déi di Jonk an hir Mandater stiechen, Schoulintern valoriséiert solle ginn

Fir déi gewielte Verrieder op hier Aufgaben besser virbereeden ze kënnen, fuerdert d'CNEL, datt si beim Ausschaffe vun Outilen a Formatioune fir d'Klassendeleguéierten an d'Schülercomitéen vu Säite vum Ministère, vun den Direktiounen a vum ZpB ënnerstëtzt ginn.

## « Réforme scolaire to go » - Avis CNEL

### Évolution des lycées

Nous, en tant que Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg (CNEL), craignons que cette réforme agrandisse les niveaux de qualités entre les lycées. Une telle autonomie scolaire renforcerait la réflexion concurrentielle entre les établissements qui, à l'avenir, devraient se disputer davantage encore les bons profs et élèves. S'y ajoute encore que les lycées doivent également disposer du budget nécessaire pour pouvoir se diversifier, si bien que l'on ne pourra pas continuer à pratiquer une politique d'austérité en matière d'éducation.

De plus, la voix des élèves devrait être renforcée au sein du „conseil d'éducation“, afin que le „Plan de Développement Scolaire (PDS) soit davantage soutenu par les élèves.

### Orientation et valorisation des diplômes

Une bonne orientation est primordiale pour l'élève, notamment parce que les élèves ne savent pas toujours quel chemin académique ils veulent suivre ou quel chemin est le plus adéquat. Il est donc important de donner aux élèves un aperçu du monde du travail. Voilà pourquoi la CNEL demande des stages d'orientation obligatoires pour tous les élèves de la 4<sup>e</sup>/9<sup>e</sup>, ainsi que le maintien des stages dans le cycle supérieur.

L'introduction d'un cadre plus flexible, des sections pour les lycées de l'enseignement secondaire, permet qu'on puisse se concentrer davantage sur les besoins et la diversité des intérêts des élèves.

Malgré que la CNEL salue cette initiative, elle a néanmoins certaines craintes notamment, sur la question de la valeur du diplôme qui changerait d'un lycée à un autre, en raison des différentes matières proposées.

### Section I

La CNEL soutient l'introduction d'une section I, mais elle revendique que les bases de l'informatique soient introduites dans toutes les classes de l'enseignement secondaire, afin que le privilège de se

préparer aux **exigences** actuelles du monde de travail ne soit pas exclusivement **destinées** aux élèves du secondaire technique ainsi qu'à ceux de la section I.

#### Matériel didactique

La CNEL salue l'idée de se développer avec la technologie et ainsi d'introduire du matériel didactique digital. Néanmoins, pour la CNEL il est important que ce développement se déroule d'une façon sûre et elle demande par conséquent au gouvernement de suivre cette évolution de près.

De plus, la CNEL demande à ce que les élèves soient informés plus tôt des livres, dont ils ont besoin pour l'année suivante.

#### Budget et reconnaissance du comité d'élèves

La CNEL est d'avis que tous les comités d'élèves devraient avoir un budget minimal que leur lycée leur mettrait à disposition et qu'ils pourraient gérer eux-mêmes. Pour la CNEL, se serait l'un des seuls moyens pour garantir une vraie autonomie des représentants des élèves. De plus, il serait urgent d'éclaircir juridiquement ces questions budgétaires pour veiller ainsi à davantage de transparence et de clarté dans la matière.

De plus, la CNEL demande à ce que soit mis à disposition des représentants des élèves un contingent en heures libres, afin qu'ils puissent préparer et effectuer leur travail au sein de leur comité d'élèves consciencieusement et avec sérieux. De plus, la CNEL demande à ce que soit organisée une campagne de sensibilisation au sein du lycée, afin que l'engagement et le temps qu'investisse les jeunes dans leur mandat soit valorisé à l'interne.

Finalement, afin de soutenir et préparer au mieux les représentants à leur fonction, la CNEL demande à ce qu'elle soit soutenue par le Ministère, les directions et le centre pour l'éducation à la citoyenneté (ZpB) lors de l'élaboration d'outils et de formation pour les délégués de classes et les comités d'élèves.